

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8242 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet ass also ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Françoise Kemp), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par M. Ricardo Marques), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

12. 8389 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition et le soutien logistique du matériel roulant pour les besoins de l'Armée luxembourgeoise

An da komme mer zum leschte Punkt vum Ordre du jour, zu dem Projet de loi 8389 iwwert d'effentlech Finanzéierung vu Rollmaterial fir d'Besoin vum der Lëtzebuerger Arméi. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Deen ass och nach ëmmer dee selwechte wéi bei deene leschten zwee Punkten. An et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, d'Madamm Liz Braz, den Här Tom Weidig, d'Madamm Sam Tanson, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Guy Arendt als Rapporteur. Här Arendt.

Rapport de la Commission de la Défense

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn eis jo all bewosst, dass déi aktuell international Sécherheetslag an der Welt ugespaant a komplex ass. Och Lëtzebuerg muss sech un déi geopolitesch Realitéiten upassen an d'Capacitéite vum der Lëtzebuerger Arméi an dësem Kontext adaptéieren.

De Projet vum binationale Reconnaissancebataillon zesumme mat eise belschen Nopere spillt heibäi eng

zentral Roll. Gläichzäiteg ass dës Initiativ eng grouss Erausforderung fir eis Arméi. Engersäits mussen ënner anerem strukturell Ännerungen duerchgefuert ginn. An op där anerer Säit stellt neit Material, wéi beispillsweis nei militäresch Gefierer, déi méi schwéier arméiert sinn, eis Arméi och virun nei Erausforderungen.

Mam Projet de loi 8389 stëmme mer haut d'Finanzéierung vun dësen neie Gefierer an och vum Ekipement, dat d'Gefierer brauchen, fir operativ ze sinn, dat heescht also Waffen, Protektiouns- a Kommunikatiounssystemer souwéi déi néideg logistesche Ënnerstëtzung, déi am Kader vun der Ëmsetzung a vun der Exploitation vum dem binationale Reconnaissancebataillon vum eiser Arméi gebraucht ginn.

Mat engem Käschtepunkt vun, jo, 2.616.180.000, déi am Kader vun dësem Projet de loi virgesi sinn, ass dëst dee gréissten Invest an der Geschicht vun eiser Arméi. Vun deem Montant sinn 1.300.910.000 virgesi fir d'Finanzéierung vun de Gefierer an dem néidegen Ekipement an eng aner 1.315.270.000 fir d'Finanzéierung vun dem néidege logistesche Support an dem Material, dat heifer gebraucht gëtt.

Insgesamt kritt d'Arméi 59 Kampf- an Ënnerstëtzungsgefierer vum Typ Griffon, Jaguar a Serval, mee och 48 Waggonen a 74 Gefierer, déi de logistesche Support souwuel an engem Kampfszenario wéi och ausserhalb assuréieren. Bei dësem Montant sinn och d'Käschte fir d'Moderniséierungsarbechte matbegraff, déi an der 30-järeger Liewenszäit vun de Gefierer eventuell mussen ënnerholl ginn, fir dës um neisten technesche Stand ze halen.

Heibäi ass et wichteg, net ze vergiessen, dat et sech ëm Schätzungen handelt, well een aktuell keng Previsiounen ka maachen, wéini genee dës Aarbechte musse gemaach ginn a wéi vill déi finalement wäerte kaschten. Dëst hänkt ënner anerem mat der Evolutioun vun der Technologie zesummen.

Am Kader vun der Ëmsetzung vum binationale Bataillon sinn och nach aner infrastrukturell Projeten néideg, déi net an dësem Projet de loi mat ofgedeckt sinn. Och net mat dra sinn den Akaf an de Stockage vu Munitioun a vu Simulatoren, déi fir d'Benotze vun de Gefierer a fir Trainingszwecker gebraucht wäerte ginn. De Finanzement vun dëse Projete wäert d'Theema vun zukünftege Projet-de-loie sinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, wéi erkläre sech déi Rekordinvestitiounen vum Projet de loi?

Éischtens ass den Akaf vun den neie Gefierer indispensable fir d'Ëmsetzung vum binationale Bataillon mat der Belsch, deen 2021 vum NATO Defense Planning Process als Objektiv fir eis Arméi vun der NATO fixéiert ginn ass. D'Acquisitioun vun den neie Gefierer, déi vum Type médian sinn, dat heescht, datt se d'Agilitéit vu méi liichte Gefierer mat dem Kampfpotenzial an de Capacitéite vu méi schwéiere Gefierer wéi Panzere kombinéieren, bedeit och eng signifikativ Erhéijung vun de Capacitéiten an dem Kampfpotenzial vun eiser Arméi, wat eis et erlaabt, méi flexibel a besser kënnen op national Besoinen ze reagéieren.

Gläichzäiteg maachen eis déi nei Gefierer an d'Mise en place vum Bataillon mat eise belschen Nopere et méiglech, op d'Demandes capacitaires vun der EU an der NATO ze reagéieren. Et soll Lëtzebuerg et och erlaben, sech an der NATO als kredibelen Alliéierten ze positionéieren, deen duerch Ofschreckung, mee awer och duerch Bedeelegung un Allianzmissiounen an de Bündnispartnerlänner nom Prinzip „boots on the ground“ säin Deel zu der gemeinsamer Verdeedegung, zu der kollektiver Sécherheet bäidréit.

Mat dësen Investitiounen passe mir eis Arméi och un déi aktuell geopolitesch a Sécherheetslag an Europa an am euroatlantesche Raum un.

Ech hat et ufangs och scho gesot: Dës Gefierer ginn och am Kader vum binationale Bataillon gebraucht. D'Interoperabilitéit ass dofir an deem Kontext och e wichtege Stéchpunkt. Dëst ass bei deenen neie Gefierer, déi mat dem fransésche Scorpion-Programm kompatibel sinn, de Fall. D'Interoperabilitéit, déi also net nëmme mat de belschen, mee och mat de fransésche Partneren assuréiert ass, ass eng reell Plus-value fir eis Arméi, déi d'Capacitéiten, mee och d'Reaktivitéit, d'Resilienz an d'Kampf- an Iwwerliewenspotenzial vun eisen Truppen a verschiddensten Zenarien soll stäerken.

E kuerzt Wuert zum Avis vum Staatsrot: A sengem éischten Avis vum 12. Juli hat de Staatsrot eng Opposition formelle formuléiert an op d'constitutionnel Obligatioun higewisen, datt e Finanzéierungsgesetzesprojet muss an aller Prezisioun d'Notze vun de Gelder erklären. Den initiale Projet de loi, deen eng global Enveloppe virgesinn hat, hat effektiv ufangs net tëschent de Käschte vun de Gefierer an de Käschte vun dem logistesche Support differenziéiert. Déi néideg Prezisiounen zu de Käschten huet d'Regierung an engem Amendement vum Gesetzesprojet ginn.

Fir sech heibäi eng gewësse Flexibilitéit ze ginn, hunn d'Auteuren vum Text virun déi verschide Montanten d'Termen „d'environ“ gesot. Duerch déi approximativ Schätzung vun de Käschte konnt de Staatsrot a sengem Avis complémentaire vum 8. Oktober seng Opposition formelle net ophiewen, well sengem Avis no déi approximativ Montanten déi constitutionnel Exigenz vun engem Finanzéierungsgesetz net erfüllt hunn. De Staatsrot huet sech awer du bereetkläert, déi Opposition formelle opzehiewen, wann d'Termen „d'environ“ géife gestrach ginn.

An der Sitzung vum 16. Oktober huet déi zoustänneg Kommissioun decidéiert, där Demande nozekommen, dëst, fir an den Aarbechten zu der Ëmsetzung vum binationale Bataillon virunzekommen, och wann an Zukunft eventuell nach emol misst nogebessert a weider legiferéiert ginn.

Heimadder hätt ech elo mäi mëndleche Rapport zum Gesetzesprojet ofgeschloss. Fir all zousätzlech Informatiounen verweisen ech op de schrëftleche Rapport. Ofschléissend ginn ech dann den Accord am Numm vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen all deenen, déi hei um Projet matgeschafft hunn, an Iech alleguerter fir d'Nolauschtere Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Alex Donnersbach agedroen. Här Donnersbach, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Donnersbach (CSV) | Merci, Här Président. Et ass scho gesot ginn: Mat dësem Projet de loi erlabt mir et eiser Arméi, d'Basis ze etabléieren, fir den neie binationale Bataillon, dee mir gemeinsam mat der Belsch decidéiert hunn, op d'Been ze stellen. Dat verlaangt vun eiser Arméi, sech komplett ëmzestellen. Dat geet vun der Militärdoktrin iwwert d'Formatioun hin zu interner Organisatioun a Fonctionnement. An et geet och iwwert d'Material. An do spillen dës Gefierer eng essentiel Roll, zesumme mam Rekrutement, deen och nach vill Effort vum der Arméi wäert verlaangen, fir déi iwwer 200 Leit ze rekrutéieren, déi fir dëse Bataillon noutwendeg sinn.

Am internationale Kontext, an deem mer eis virun engem Joer befonnt hunn, huet dës Regierung am Koalitiounsprogramm festgehalen, d'Ausgabe fir d'Veerteidigung substanzuell an d'Luucht ze setzen. D'Regierung huet sech engagiert, bis 2028 1 % vum PIB an d'Defense ze investéieren a mëttelfristeg 2 % vum eise RNB. Dëse Projet ass e wichtege Bausteen, fir op déi Montanten ze kommen, an deckt e grouesse Volet Terre vun der Ausgabestrategie of.

D'Zuelen, ëm déi et hei geet, sinn impressionnant. Mir schwätze vun deem gréissten Invest, dee jee an der Geschicht vun der Arméi gemaach gouf: iwwer 2,6 Milliarden Euro, fir am Ganzen 186 Gefierer ze kafen, an dat iwwer en Zäitraum vu bal 30 Joer.

Mat dësem Invest weise mir, datt mir esou séier wéi méiglech dee gemeinsame Bataillon mat eise belschen Nopere wëllen op d'Bee stellen. Mir weisen, datt mir eis Engagementer an der NATO seriö huelen. Mir weisen, datt mir e wichtege Bäitrag leeschten an deem um Terrain wëllen ëmsetzen. A mir weisen, datt mir hanner eise Wuerd stinn an dass no eise Rieden och konkret Aktiounen kommen.

A sengem Discours beim Collège d'Europe zu Natolin a Polen huet de Premier sech dältlech fir d'Kreatioun vun enger europäescher Arméi ausgeschwat. Dat begrësse mir als CSV ausdrécklech. Den Ugrëffskrich vu Russland, deen zanter bal dräi Joer an der Ukrain undauert, an de Comeback vum Donald Trump an d'Wäisst Haus sollten eis dozou beweegen, dëse Schrëtt méi konsequent unzegoen. Spéitstens elo muss eis bewosst sinn, datt mir an Zukunft selwer fir eis Veerteidigung musse suergen.

Mee wat heescht dat konkret? Wou sti mir haut? A wéi vill musse mir nach maachen, fir eisen europäeschen Territoire ze verteidegen, sollt et zum Eeschtfall kommen, sollt et zum Fall kommen, datt mir eis autonom misse verteidegen, och ouni d'Hëllef vun den Amerikaner?

Léif Kolleegen, hei an Europa gëtt der franséischer Arméi nagesot, déi gréisst an déi duerchschlagkräftegst Arméi an der EU ze sinn. Dofir war ech ëmsou méi schockéiert, wéi ech an der franséischer Press follgend Bericht gelies hunn: Laut der franséischer Arméi kéint si, wa si muer misst un d'Ostgrenz vun der EU deployéiert ginn, eng Front vu just 80 Kilometer halen, net méi. An anere Wieder: Si kéint just en Territoire esou grouss wéi Lëtzebuerg verteidegen. Frankräich plant, bis 2027 knapp 20.000 Zaldote bannent 30 Deeg kënnen ze mobiliséieren, fir le cas échéant d'Grenz an Osteuropa kënnen ze schützen.

An anere Wieder: Ouni déi amerikanesch Arméi, déi aktuell ronn 100.000 Zaldoten hei an Europa stationéiert huet an dës Zuel bannent engem Mount verduebele kéint, kann d'Sécherheet vun eise Kontinent net garantéiert ginn. Dat ass net nëmme extreem beonrouegend am Fall vun engem Aggressiounskrich wéi deem an der Ukrain, mee farlësseg a geféierlech.

Dowéinst kann ech och net verstoen, datt et grad an dësen Zäiten nach ëmmer Stëmme gëtt, déi – wéi ech et haut de Moien nach an der Press gelies hunn – déi Noutwendegkeet net agesinn, datt och Lëtzebuerg säin Deel zu dem kollektiven Effort de défense fir eis Fräiheet a fir eis Sécherheet bäidroen muss.

Wa mir net séier handeln an eis Ressourcen op dem europäeschen Niveau zesummeleeën an eis Veerteidigungsindustrie stäerken, da si mer de grouesse Muechten op dëser Welt ausgliwwert, an zwar op der enger oder op der anerer Säit. Mir hunn et fäerdegbruecht, Airbus als gemeinsamen europäesche Projet opzebauen, e Leader an der ziviller a militärescher Aviatioun. Dat soll e Beispill si fir zukünfteg Projekten an

der europäescher Veerteidigungsindustrie. Aleng ass kee Land an der Europäescher Unioun opgestallt, fir déi Ressourcen ze mobiliséieren, déi noutwendeg sinn, fir eng effikass an ofschreckend Defense opzebauen, déi fir eise Kontinent noutwendeg ass.

An dësem Kontext ass de Projet vun dësem binationalen Bataillon e Schrëtt an déi richteg Richtung, fir Ressourcen zesummenzeleeën, eng gemeinsame Militärdoktrin ze schafen, gemeinsam Formatiounen an Trainingsen duerchzuféieren. Et sinn awer nach vill weider Schrëtt néideg. Mir kënnen d'Mass, d'Effikasitéit nëmme erreechen, wa mir um europäeschen Niveau wierklech gemeinsam Defensstrukturen opbauen. Dëst soll an Zesummenaarbecht mat der NATO geschéien an ech wënsche mir, datt mir eis Schrëtt fir Schrëtt an déi Richtung beweegen an déi richteg Entscheedung huelen, éischter haut wéi muer.

Mat dësem Wonsch ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Donnersbach. Dann ass et un der Madamm Liz Braz.

M. Fred Keup (ADR) | Ech wollt dem Här Donnersbach gären eng Fro stellen.

M. Claude Wiseler, Président | Et ass nach eng Fro, déi Der wollt dem Här Donnersbach stellen, wann Der se akzeptéiert, Här Donnersbach.

M. Alex Donnersbach (CSV) | Wie wëllt eng Fro stellen?

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Keup wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Fred Keup (ADR) | Et ass net schlëmm. Jo, Dir hutt iwwer Airbus geschwat an Dir hutt dat hei och gelueft als grouesse Projet vun Zesummenaarbecht. An duerfir wollt ech Iech froen – Dir wësst jo awer vläicht, dass de Pensiounsfong aktuell net kann an Airbus investéiere wéinst den ESG-Krittären, déi mir am Moment ëmsetzen –, ob Der dann net mengt, dass een dat awer kéint änneren, wann Airbus jo esou wichtege ass an esou e gudden Projet ass, soudass de Pensiounsfong och kéint Geld an Airbus investéieren.

Merci.

(Interruptions)

M. Alex Donnersbach (CSV) | Ech mengen, de Pensiounsfong huet seng eege Strategie, wéi en déi Suen uleent. Wichtege ass et fir eis als Staat, datt mir eis Defenseindustrie ënnerstëtzen. Mir hunn eng ganz Rei Projekten: De Lëtzeburger Staat huet notammet den A440M-Transportflieger kaf an ech mengen, mir gi genuch Suen aus, fir och Airbus an deem Sënn ze ënnerstëtzen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Donnersbach. Dann ass elo d'Wuert fir d'Madamm Liz Braz. Madamm Braz.

Mme Liz Braz (LSAP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, de geopolitesche Kontext huet sech an deene leschte Joren an Europa dramatesch verännert. Kricher huet meng Generatioun am Fong haaptsächlech aus de Geschichtsbücher kennt oder och emol duerch Noriichten iwwer Regiounen, déi eis awer ganz wäit ewech geschéngt hunn.

Mee duerch d'Invasioun an d'Ukrain, déi geschwënn 1.000 Deeg hier ass, an och duerch deen awer onberechenbaren internationale Kontext mat engem Retour vun engem Donald Trump a verstärkt ëmmer méi radikalen autoritäre Regimenter huet Europa elo missen e Paradigmewissel aschloen, deen eis forcéiert, eis Defenspolitik ze iwwerdenken, fir dass mer

eis an Zukunft selwer verantwortéieren, wann et ëm eis eegen Defense geet.

An dofir wäerten déi nächst Joren héich Investissementer op eis Staatskeesen duerkommen. Den Ufank gëtt elo mat dësem Gesetzesprojet gemaach, dee virgesäit, 186 militäreschen Gefierer ze kafen. Mat den néidege Schutz- a Kommunikatiounssystemer souwéi och dem logistesche Volet chiffriert sech dëse Projet op e Rekordmontant vun 2,6 Milliarden Euro.

Mir mussen awer eis Arméi zäitgeméis ausrüsten, an dofir begrësse mir och dëst Gesetz fir d'Acquisitioun vun dësen neie Gefierer. D'Ausgabe fir déi nei Militärgefierer gi selbstverständlech och eisem Effort de défense ugerechent. An dat ass immens wichtege, well mer hei international Engagementer hunn, deene mer och musse Rechnung droen.

Béis Zongé kéinten natierlech elo behaapten, mir wësst net, wou a wéi mir déi nächst Joren all Joer op ee Koup ëmmer erëm esou vill Sue kënnen lassginn. Dat, wat 2019 nach knapp 280 Milliounen waren, sinn dëst Joer scho bal 700 Milliounen a ginn der bis 2030 1,4 Milliarden, déi mir all Joer an d'Defense investéieren. An dofir ass et och wichtege, dass mir déi Suen net blann aus der Fénster geheien, fir dass mir zum Schluss vum Joer der NATO kënnen soen: „Mir hunn eis Hausaufgabe gemaach.“

Nee, mir musse kucken, dass mir dobäi net vergiesse, dass d'Defense eng Industrie an eng Aktivitéit ass, déi net nëmme Onmassen un CO₂ ausstéisst, mee och en enorme Budgetposten ausmécht, duerch dee kritesche Finanzemeter fir d'Ëmwelt an d'Klima fir déi nächst Jore riskéieren ze feelen.

Et geet hautzudaags net duer, sech nëmme op de potenziellen Eeschtfall vun engem Militärugrëff virzebereeden. Mir musse méi wäit denken, wann et ëm eis Sécherheet geet. Well während déi Bedroung vum Krich existéiert an och muss eescht geholl ginn, hu mir awer parallel haut schon omnipresent reell Geforen, déi eis all Dag begleeten. Ech schwätze vun hybriden Attacken, vu Cybersécherheet, vu Klima- an Ëmweltkatastrophen, déi eis musse beschäftegen an déi sech och mussen am Budget zréckspigelen.

Wa mir nämlech schon esou vill Suen alljoers an d'Defense investéieren – wat mir och als LSAP absolut agesinn –, da solle mer awer kucken, dass déi Sue méiglechst intelligent investéiert ginn, dass d'Zivillgesellschaft eventuell och eppes vun dësen Investissementer huet. An do kënt dee faméisen Dual-Use an d'Diskussioun.

Wat heescht dat? Den Dual-Use bezitt sech am Fong op Gidder, op Technologien, op Servicier oder Ekipementer, déi souwuel fir zivill wéi och fir militäreschen Zwecker kënnen benotzt ginn. Dat bedeit, dass dës Capacitéiten am zivilen Alldag wichtege Funktiounen erfëlle kënnen, awer och potenziell fir militäreschen Zwecker agesat ginn, wann et da muss sinn.

Konkreet kann ee sech zum Beispill dorënner virstellen: Chemikalien, déi am Prinzip fir d'Düngerproduktioun geduecht sinn, déi awer och kënnen, wann et muss sinn, fir Sprengstoff agesat ginn. Et gëtt och Metaller, déi an der ziviller Industrie kënnen gebraucht ginn, fir Infrastrukturen ze bauen, déi awer och, wann et muss sinn, de Bau vu Waffen a Gefierer kënnen ënnerstëtzen. Genausou gëtt et eng GPS-Technologie, eng Satellittentechnologie, Dronen, Kryptografie an Elektronikprodukte wéi Mikroprozessoren, déi eis am Dual-Use entgéintkomme kënnen. Besonnesch an der Elektronik geet et dacks ëm kleng Komponente mat grousssem Potenzial.

Den Dual-Use soll an Zukunft d'Devisen fir Lëtzebuerg ginn. Héich effektiv Investitiounen, déi op

verschiddenen Niveauen Notzen hunn an déi eis et erlaben, dass eis militäresch Investissementer kënnen optimiséiert ginn.

Schlussendlech, Här President, ginn ech heimat natierlech den Accord vun eiser Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet. An ech sinn awer gespaant ze héieren – an noer Zukunft hoffentlech –, wéi d'Ministesch dat gesäit a wat hir Visioun ass, wéi mir eis Ressourcen intelligent an nohalteg kënnen asetzen, dat zum Wuel vun der Defense, mee awer och vun der Gesellschaft.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Braz. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Tom Weidig. Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Merci, Här President. Mir sinn averstanen, datt Europa an och mir zu Lëtzebuerg méi fir eis Verdeedegung maache mussen. Wéi den Donald Trump eis an Europa genau dat virun e puer Joer a senger aggressiver an direkter Weis gesot huet, ware vill Leit schockéiert, hunn en engelaacht oder hunn e lächerlech gemaach. Elo net méi!

Spéitstens säit dem Iwwerfall vu Russland op d'Ukrain, wou déi international Grenze kloer violéiert gi sinn, ass e Krich an Europa nees do, an och d'Gefor vun enger weiderer Eskalatioun. Et war eng Illusioun, ze mengen, datt et fir Fridde keng oder mann Arméi brauch. Eng staark Arméi ass net mol wichteg fir d'Verdeedegung, mee virun allem fir d'Ofschreckung, datt et zu kengem Krich kënn.

Duerfir ënnerstëtzt mir der Regierung hir Positioun, laangfristeg 2 % vun eisem Bruttoinlandsprodukt fir d'Arméi an dat néidegt Material auszeginn. Dat ass fir d'ADR – ech mengen, fir all d'Parteien heibannen – eng batter Pëll, well déi Suen net do sinn, fir d'Ekonomie ze féideren, d'Leit steierlech ze entlaaschten oder deenen, déi Hëllef brauchen, nach méi ze hëllefen.

Mee mir liewen an enger reeller Welt, wou net jiddweree Fridde wëll an dat Béist muss ënner Kontroll gehale ginn. Dës batter Pëll ass eng besonnesch batter fir Lëtzebuerg, well mir eis Militärausgaben net eiser eegener Rüstungsindustrie kënnen ginn, ausser wa mir se mat SES a Satellitte verbannen oder mat engem Militärspidol zum Beispill als Dual-Use.

Déi 2,6 Milliarde wäerten haaptsächlech franséische Konzernner zegutt kommen, also franséische Firmen an Aarbechter, an net lëtzebuergeschen. Hätte mir zum Beispill eise Pensionsfond rational investéiert, och an d'Rüstungsindustrie, hätte mir och direkt kënnen profitéieren vun den Haussé vun de Militärausgaben an Europa. Mee mir hu jo déi irrationalsten ESG-Krittäre vun der Welt, wou mir souguer refuséieren, an déi Konzernner ze investéieren, vun deene mir selwer Waffe kafen. Et ass surreal!

Mee mir kënnen dëse Gesetzesprojet awer net matstëmmen, well mir net fir e binationale Bataillon sinn. Villes ass eis do onkloer. Wien huet d'Schlëssle vun deenen 186 Gefierer? Mir? D'Belsch? Oder mussen mir ee froen? A wou kommen déi 200 weider Zaldoten hier, wa mir dréngend méi Polizisten zum Beispill brauchen? Mir géifen och un nationaler Souveränitéit verléieren. Mee, woubäi ech soe muss: Ech weess iwwerhaapt net, ob dee Bataillon iwwerhaapt existéiert.

Ech hunn d'Defensekommissioun vum Fernand Kartheiser iwwerholl. An ech wollt mol noliessen, wat bei der Diskussioun a beim Vott fir de binationale Bataillon an der Chamber esou gesot ginn ass. A wësst Der wat? Ech, meng Mataarbechter an d'Chamber

selwer hu kee Vott fir e binationale Bataillon fonnt. Ausser ech iere mech.

Dat musst Der Iech emol virstellen! Mir stëmmen elo haut 2,6 Milliarde fir e Bataillon, deen et iwwerhaapt net gëtt, op d'mannst net als Gesetz vun der Chamber. Dat muss ee sech virstellen: Déi wichtegst Ëmstrukturéierung vun der lëtzebuergescher Arméi säit Joerzéngten ass net an der Chamber beim éischte Pouvoir diskutéiert a gestëmmt ginn! Mir kënnen natierlech net matstëmmen, fir 2,6 Milliarden Euro vun eise Bierger auszeginn un eng Entitéit, déi nach net an der Chamber richteg duerchdiskutéiert ginn ass.

Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Dan Hardy (ADR) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Meris Sehovic. Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, mir schwätzen haut a wäerten duerno ofstëmmen iwwer wichteg Investitiounen fir den Ekipement vum belgo-lëtzebuergesche Reconnaissance-Bataillon. An ech mengen, ech kann eppes direkt virewechuelen: Als Gréng wäerte mir dësen Invest matënnerstëtzen, well en engersäits an der Logik ass vum EU-Kompass fir Sécherheet a fir Verdeedegung, well en am Aklang ass mat de Capacitéitsziler, déi mer an der Europäescher Unioun awer och an der NATO definéiert hunn, an net zulescht, well mer der Meenung sinn, dass déi Männer a Fraen, déi sech an den Déngecht stelle vun eisem Land, et verdéngt hunn, mat modernem, guddem Ekipement kënnen ze schaffen.

Erlaabt mer op dëser Plaz vläicht ganz kuerz, op de belgo-lëtzebuergesche Bataillon anzegoen. E wichtige Projet, dee jo nach vum Virgänger François Bausch op de Wee bruecht ginn ass an dee wierklech wichteg ass, well en derfir suergt, dass Lëtzebuerg seng Responsabilitéit iwwerhëlt – d'Kolleege Liz Braz huet dat schonn erkläert – a well en dozou bäidréit, dass d'europäesch Defense gestärkt gëtt.

Dat war an deene leschte Jore wichteg. Dat ass haut wichteg. An dat wäert muer an an der nächster Zäit nach méi wichteg ginn, och virum Hannergrond vum Resultat vun den US-amerikaneschen Wale. Ech hunn elo haut matkritt, wien do den neie Chef am Pentagon soll ginn. Ech mengen, dass et méi wéi jee richteg a wichteg ass, dass mer eis als Europäerinnen an Europäer net méi dorobber verloossen, dass anerer eis Sécherheet garantéieren.

Wa mer esou héich Investitiounen maachen, dann, mengen ech, si mer et och de Biergerinnen a Bierger schëllég, d'Diskussioun ze féiere jenseits vun de blanken Zuelen an Ziler – 1 %, 2 % an esou weider, deene Schlagwierder, deene „Schlagzuelen“, déi ëmmer erëm an där Diskussioun erwänt ginn. Well am Hannergrond hu mer ee fundamentale Problem an der Europäescher Unioun, well et ass schonn haut esou: Wa mer d'Sécherheets- an d'Verdeedegungsbudgete vun den EU 27 zesummenzielen, dann ass d'Europäesch Unioun, dann ass Europa schonn e Big Spender, an enger änlecher Héicht eigentlech wéi d'Amerikaner, d'Chineesen an och aner grouss Acteuren.

De Problem bis haut ass awer, dass déi Investitiounen ineffikass sinn, dass se schlecht koordinéiert gi sinn, dass se net openeen ofgestëmmt sinn, dass se Double-emploien hunn. Mir hunn an Europa 27 verschidden Ekipementer, fir déi selwecht Saach ze erreechen, d'Interoperabilitéit ass oft net garantéiert.

A genau dowéinst ass dee lëtzebuergesch-belsche Bataillon esou wichteg: well e genau dat mécht, wat

mer eis virgeholl hunn, nämlech eis et erméiglecht, dass mer d'europäesch Arméie besser openeen ofstëmmen, dass mer léiere vuneneen, dass mer léieren, mateneen ze fonctionéieren, och am operativen Asaz mateneen ze fonctionéieren. An dowéinst ënnerstëtzt mir déi dote Investitiounen, ënnerstëtzen och de Bataillon.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehovic. An dann ass et um Här Marc Goergen. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Also 2,6 Milliarde sinn net näischt.

(Interruption)

Jo, 2,6 Milliarde sinn net näischt. Ech verstinn och déi Leit, wéi de Moien an der Press – ech mengen, d'CSV hat dat elo e bëssen ofwäertend erwänt –, déi Bedenken hunn, wann een esou Montanten héiert, 2,6 Milliarden, déi een ausgëtt, wann op där anerer Säit eng Regierung seet: „Stroumpreisbrems. Egal, maache mer net méi. Solar maache mer net méi. Subside ginn erof, aner Saache ginn erof, a menger Maison relais hunn ech net genuch Plazen an esou weider, dat ass alles egal.“ Ech verstinn déi Leit, wann déi soen: „Et sinn elo 2,6 Milliarden, déi een op där enger Säit kann huelen a soen: ‚Ok, dat maache mer einfach esou.‘ Op där anerer Säit hu mer esou vill Projeten, wou och Motiounen refuséiert gi sinn an der leschter Zäit, wou ee seet, dat wär vill méi sénnvoll gewiescht, fir déi 2,6 Milliarden auszeginn.“

Dat heiten ass och e Projet, wou mir Piraten warscheinlech virun dräi, véier Joer dergéint gestëmmt hätten. Mee du koum d'Invasioun vu Russland, déi och eis Meenung zu deem dote Sujet verännert huet. Mir mussen zouginn, dass och mir eng Politick haten, déi zimmlech naiv war, an ech mengen, dat waren och vill Länner – mat „mir“ hunn ech eis Partei gemengt oder de Rescht dovun –, wou een ...

(Hilarité)

... ze laang geduecht huet, dass een d'Budgete vun den Arméien duerch ganz Europa erofsetze kann an dass dat gutt ausgoe wäert.

Mir sinn awer enges Bessere beléiert ginn. Aner europäesch Länner hunn et virgemaach: Däitschland huet et „Zeitenwende“ genannt, also déi Regierung, déi elo nach kuerz Zäit am Amt wäert sinn, warscheinlech hir eege Projeten da militäresch net duerchkritt. Mee op d'mannst hate se awer wëlles, eng Zeitenwende anzuleeden. An och aner europäesch Länner sinn op dee Wee gaangen.

Hei ass elo Lëtzebuerg, dat 2,6 Milliarden iwwer 30 Joer an de Grapp hëlt. Dat ass e Projet, wou ee och ka Bauchwéi hunn, mee duerch déi aktuell Situatioun, virun allem duerch Russland – an eeben och elo, wéi d'Walen an Amerika ausgaange sinn, mee dat erklären ech net nach eng Kéier, d'Virriedner si schonn drop agaang – muss een och de Courage hunn, an Zukunft esou Montanten an de Grapp ze huelen, fir sech weerhaft ze maache géint déi, déi et vläicht net esou gutt mengen mat eis a mat Europa. Well wa mir elo géngen un der Arméi spueren, géng dat herno heeschen, dass mer a sech d'Diere géinge grouss opmaache fir eeben esou Muechte wéi Russland, wou de Putin seng Fantasien huet.

Dat heescht, mir wäerten dësem Projet och haut mat e bësse Bauchwéi – dat ginn ech och zou – zoustëmmen. Mir sinn net bekannt dofir, dass mer militäresch immens vill Budget an de Grapp wëllen huelen, mee dat heiten ass eeben nun emol eng Zäit, wou een et muss maachen. An ech hoffen, dass mer an zéng Joer aner Rieden hei kënnen halen an déi Problematik sech wäert geléist hunn.

Et ass virdrun ugeklungen, dass mer zwar elo d'Material kafen, a mir sti komplett zu enger europäescher Arméi, déi interoperabel wär. Dat ass awer och am Moment éischter Wonschdenken, wann ech déi eenzel Regierungen an Europa kucken, wéi dass et Realitéit wär. Mee et dierf ee jo och nach e Wonsch hunn. Geschwënn ass jo Kleeserchersdag.

Wat awer e Problem ass, ass mat den Zaldoten. Herno huet een zwar d'Gefierer do stoen – mir kënne elo duerch d'belsch Arméi méi Zaldoten dropsetzen –, mee mir hunn awer zu Lëtzebuerg nach ëmmer e Problem, dass de Beruff vun Zaldot a sech net interessant genuch ass. Ech ginn elo net drop an, dass dës Regierung de Bewäertungssystem do agefouert huet. Dat ass eng aner Diskussioun, op déi mer nach eng Kéier zrëckkommen. Et war awer kontraproduktiv, fir den Job méi interessant ze maachen.

Mee den Job ass och net interessant, well een duerno manner Méiglechkeeten huet an der Karriär. A virdrun ass et – ech weess net méi, wie vu menge Virriedner et war – ugeschwat ginn, dass et eng Konkurrenz zur Police wär. Ech gesinn dat genau anescht. Wa mer eng Arméi hunn, déi immens attraktiv ass, kënne mer déi Leit herno iwwerrieden, vläicht an enger Police d'Karriär weiderzemaachen. Dat heescht et ergänzt sech. Eis Arméi ass net eng Konkurrenz zu engem CGDIS oder zu enger Police, am Contraire.

Wa mer deen Job bei der Arméi ..., an dat ass et nun emol hautzudaags, an der neier Welt ass et e modernen Job, wou een dann och d'Konditiounen muss upassen. Mir hate virun zwee Joer hei eng Diskussioun, dass wann ee frësch an d'Arméi geet, d'Salären immens déif sinn, souguer ënnert dem Mindestloun. Dat sinn alles Saachen, wou ee muss driwwer diskutieren.

Wann haut d'Majoritéit hei seet: „Mir huelen 2,6 Milliarden an de Grapp fir Autoen“, e bësse méi salopp gesot, da muss et eis och wäert sinn, dass mer dat an eis Leit um Bierg investéieren an deenen net nëmmen de Mindestloun ginn an dass mer deenen och eng aner Perspektiv am Job ginn, well déi schéinsten Autoen, déi d'Ministesch herno wäert bestellen – an och scho selwer gefuer ass, wéi ech op RTL gesinn hunn –, bréngen näischt, wann der net Zaldoten hutt, déi topp motivéiert sinn an déi den Job wëllen ugoen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. An dann ass dee leschten ageschriwwene Riedner den Här Marc Baum. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech hunn alle sechs Virriedner nogelauschtert an ech muss soen, dass ech awer e bëssem erfiert sinn, wéi kritiklos, ouni gréisser Etat-d'âmen hei dee gréissten Invest an d'Lëtzebuurger Arméi gemaach gëtt. Eng Arméi, déi sech komplett ëmstelle muss, sou heescht et. An all kritesch Stëmm ... Oder nee, et ass eng kritesch Stëmm komm hei vun der ADR, déi eigentlech näischt anescht seet, wéi dass mer nach méi missten an d'Rüstungsindustrie investéieren, well déi aktuell Konflikter nach méi Profitter fir eis kéinten erausschloen. Soudatt ech denken, wann den Här Donnersbach seet, hie géif net verstoen, firwat een do awer Kritik übe kann, wëll ech probéieren, dat a menger begrenzter Riedezäit ze erklären.

Awer eppes virausgeschéckt: Mir als Lénk, mir sinn net géint eng Lëtzebuurger Arméi. A mir sinn och net esou naiv, ze mengen, dass Europa keng Defense brauch. Mee mir mengen – an dat ass warscheinlech och d'Meenung vun enger Majoritéit vun der europäescher Bevëlkerung –, dass mer eng europäesch Defense brauchen, déi ausschliesslech op d'Verdeedegung vum europäeschen Territoire ausgeriicht ass, an

datt mer och just esou vill fir d'Arméi sollen ausginn, wéi néideg ass, fir d'Sécherheet vun Europa ze garantéieren. An do muss een dann awer, mengen ech, e puer Gréisstenuerdnungen hierstellen.

2023 hunn déi 27 EU-Staate laut den Zuele vu SIPRI (ndlr: Stockholm International Peace Research Institute) 313 Milliarden Dollar an d'Defense investéiert. Wann ee Groussbritannien elo nach derbäihëlt, waren et 388 Milliarden. Dat ass bal 100 Milliarde méi wéi China, dräimol esou vill wéi Russland a véiermol esou vill wéi Indien. Och wann een déi Zuele mat Virsiicht genéissee muss, weise se awer kloer, dass Europa kengesweegs militäresch esou ofgehaangen ass, wéi dat an der Effentlechkeet duergestallt gëtt.

A wann een dann trotz deem riseg Budget zur Konkusioun kënnt, dass Europa aktuell net kapabel wier, sech selwer ze verdeedegen, mee dann ass awer d'Warscheinlechkeet grouss, dass déi Suen net bedarfsgerecht agesat ginn oder iergendwou am Sand versickeren. An do feelt et eis awer e bëssem u rationaler Argumentatioun, fir ze begrënnen, firwat den europäesche Steierzueler elo nach eng Kéier zeg Milliarde pro Joer soll uewendropleeën. Well dann handelt et sech ëm e politesche Problem an net ëm e budgetären.

Mir stelle fest, dass hei e reng quantitativ Zil, 2 %, zum Hellege Gral erhuewe gëtt an dat och néierens méi dierf hannerfrot ginn. Während an deenen anere Politikberäicher all Euro zweemol ëmgedréint gëtt, schéngt et am Beräich vun der Defense keng demokratesch Rechenschaftspflicht méi ze ginn. Iwwerall an Europa ginn d'Verdeedegungsminister domat beoptraagt, sech riseg Ausgaben aus de Fangeren ze suckelen, ouni dass awer hannendrunner iergendee kohärente Plang steet, wéi déi zukünftig europäesch Verdeedegungspolitik iwwerhaapt soll ausgesinn an op wéi eng konkret Bedroungszenarie mir eis eigentlech virbereeden.

An déi Fro, wou déi ganz Militariséierung iwwerhaapt soll hiféieren, déi ass awer an eisen Aen net ganz onwichtig, well wéi sech hoffentlech jiddwereen heibanne bewosst ass, kascht esou eng Oprëschtungsspiral net nëmme vill Geld, se ass och nach extreem geféierlech.

Här President, Lëtzebuerg – an där Iwwerzeegung si mir – gëtt an deem ganze Kontext an eng Roll gedréckt, déi eigentlech net bei eis passt. Géife mer wierklech e Kampfbataillon opstellen an e Spionagesatellit an den Orbit schécken, wa mer als Vollek onofhängeg a souverän decidéiere kéinten? Oder follege mer net einfach blann dem Diktat vum Donald Trump, deen Ausléiser war an deen elo erëm benotzt gëtt an der Argumentatioun, fir dass mer déi Investitiounen maachen? Ech mengen, dass mer éischter zur Konkusioun géife kommen, dass mer als klengt Land méi e groussen Impakt op déi international Sécherheetsarchitektur hätten, wa mer déi Suen an d'Kooperatioun géifen investéieren oder awer an d'Diplomatie.

Mir sinn eis bewosst, dass et schwéier ass, déi aktuell Dynamik nees iergendwéi anzefänken. Mee et wär an der Logik vun der laangjäregger Lëtzebuergescher Aussepolitik, wa mer zumindest mol probéiere géifen, där geféierlecher Entwécklung op internationalem Plang iergendepes entgéintzesetzen. Zum Beispill, andeems mer zesumme mat eisen europäesche Partner diplomatesch Initiativen ustoussen, fir Spannungen ofzebauen a regional Konfliktpotenzialer ze entschärfen, fir d'Oprëschtung ze stoppen oder och just ze begrenzen, fir vertrauensbildend Moossnamen ze schafen, de Multilateralismus nees a Gang ze kréien an nei Formen vu supranationaler Gouvernance ze exploréieren.

Amplaz an e Militärbataillon sollte mer an e Bataillon vun Diplomaten investéieren, an dat zur Spezifitéit vun der Lëtzebuergescher Defensepolitik maachen. Esou wéi aner Länner och Spezifitéiten hunn an hirer Defensepolitik! Mee amplaz bezuele mer dat mat Fatalismus, eisen Obolus un d'NATO, a mengen dann, domadder wär et gedoen.

Déi 2,6 Milliarden Euro, déi dës Projet de loi kascht, si fir eist Land immens vill Suen. Mee dës Projet de loi bedeit net nëmme quantitativ eng Zäsur fir Lëtzebuerg, mee och qualitativ, well e markéiert den Iwwergang vun enger Lëtzebuurger Arméi, déi op liicht Reconnaissance ausgeriicht war, hin zu enger méi schwéier bewaffneter Trupp oder – fir et méi plakativ auszedrécken –: D'Jeepe ginn duerch Panzeren ersat.

A mat deem Paradigmewiessel ännere sech och d'Perspektiven, wat de potenziellen Asaz vun der Lëtzebuurger Arméi a Konfliktgebiddern ugeet. An ech erënneren drun, dass Lëtzebuerg säit dem Korea-Krich eng ganz zrëckhalend Roll a militärescher Froe gespillt huet. Virun allem gouf ee Prinzip heichgehalten: dass mer keng Lëtzebuurger Jongen un enger Front wëlle gesinn.

Ech schwätze vum Asaz vun der Lëtzebuurger Arméi an internationale Konfliktgebiddern, wou Lëtzebuerg ëmmer ganz zrëckhalend war. An déi Neiausrüstung, souwuel wat d'Ausrüstung ubelaangt – an dann halen ech domadder op –, wéi och a Saachen Taktik a Logistik, wäerten och nei Zorte vun Demanden u Lëtzebuerg mat sech bréngen, deene mer eis just schwéier entzéie wäerte kënne. Vläicht vun der NATO, vläicht vun der EU, vläicht och vun den USA. An da riskéiert d'Arméi op Asätz geschéckt ze ginn, déi vill méi geféierlech sinn, wéi mer dat an der Vergaangenheet kann hunn. A mir riskéieren och domadder, an deem engen oder an deem anere Fall zur Konfliktpartei ze ginn. An dat kënne mir esou net matdroen.

Merci.

M. David Wagner (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

Domat wär d'Lëscht vun eise Riedner ofgeschloss, an dann hätt d'Regierung d'Wuert.

Madamm Ministesch fir d'Defense, et ass un Iech.

Prise de position du Gouvernement

Mme Yuriko Backes, Ministre de la Défense | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, dat hei ass, mengen ech, fir eist Land e ganz wichtige Gesetzesprojet. Hei geet et ëm eis Sécherheet. Hei geet et ëm d'Zukunft vun eiser Arméi. Et geet ëm d'Kreditabilitéit vun eiser kollektiver Dissuasioun a vun eiser kollektiver Defense. An et geet ëm d'Solidaritéit vu Lëtzebuerg vis-à-vis vu sengen Alliéierten.

2,6 Milliarden, jo, dass ass eng ganz, ganz héich Zomm. Et ass dee gréissten Invest – et ass vun e puer heibanne gesot ginn – an eis Defense an der Geschicht vu Lëtzebuerg. Mee et ass och e ganz kloert Zeechen: Lëtzebuerg hält seng Verantwortung an der EU an och an der NATO. An et hält se ganz eescht.

Et geet hei och ëm eis Zaldotinnen an ëm eis Zaldoten, fir hinne wierklech och dat beschtméiglecht Material zur Verfügung ze stellen, well wann et eescht gëtt am Fall vun engem Krich, da si si déi, déi un der éischter Front sinn, vis-à-vis vun der Menace, vis-à-vis vum Enemy; dat zesumme mat eisen Alliéierten. An dat verdéngt wierklech deen allerdéifste Respekt. Et verdéngt déi allerdéifst Unerkennung. A jo, ech mengen, mir missen eis och wierklech hei zesummen an der Regierung an och an der Chamber fir dës Beruff wierklech staarkmaachen. Well et ass wierklech keen normale Beruff a mir musse si beschtméiglecht ënnerstëtzen.

Iwwert déi international Sécherheetslag an déi international Erausforderungen ass scho vill geschwat ginn. Ech mengen, hei gesi mer wierklech déifgräifend Verschlechterungen: Stabilitéit, Sécherheetslag op der Welt. Et si wierklech net ganz vill Positive News a leschter Zäit. A jo, Russland, dat ass eng direkt, eng ganz symmetresch Menace, déi mer gesinn, och vis-à-vis vun eis. Et ass awer och net déi eenzeg op der Welt.

D'NATO brauch dofir eng ganz kredibel a kollektiv Defense. Et ass gesot ginn: Dës nei Gefierer si wierklech essentiel fir eise binationale Batailloun, dee mer zesumme mat der Belsch opstellen. Hei geet et ëm en NATO-Target, wéi dat genannt gëtt, zesumme mat der Belsch. Dat datéiert vun 2021. Dat ass och ënnert der leschter Regierung akzeptéiert ginn. An dat hu mer och am Koalitiounsaccord vun dëser Regierung nach eng Kéier confirméiert a festgehalten. De Batailloun soll bis Enn vun dësem Joerzénge stoen.

Europa muss léieren – mir wëssen dat allegueren –, sech selwer ze verdeedegen. Ech mengen, do schaffe mer och elo scho ganz laang drun. Den Här Trump, wéi e fréiere President war, huet dat ënnerstrach op seng Aart a Weis a mat senge Wieder. A jo, d'Amrikaner fuerderen dat, mee net den Trump eleng. Déi lescht Regierung huet dat och gefuerdert. Also, et ass egal, wien do am Wäissen Haus ass: Mir mussen un eiser europäescher Defense schaffen!

16 Griffonen, 38 Jaguaren, 5 Servalen – jo, dat ass e Paradigmewissel fir eis Arméi. Ech wëll awer och hei soen – ech mengen, mir hunn et och an der Chamberskommissioun beschwat –: Déi si complémentaire zu den 80 CLRVen, dat sinn déi „Command, Liaison and Reconnaissance Vehicles“. Dat sinn dann déi méi liicht Gefierer, mee déi sollen déi méi schwéier bewaffnet Gefierer dann och begleeden.

D'CLRVen, wéi och déi méi schwéier Gefierer, vun deene mer elo hei schwätzen, lafen allen zwee iwwert de franséische Scorpion-Programm. Ech mengen, dat ass wierklech ganz wichteg fir d'Interoperabilitéit zwëschen deene Gefierer, mee och zwëschen eis an der Belsch.

D'Liewensdauer vum Material schätze mer op 30 Joer. Dofir ass dat heiten effektiv e Gesetzesprojet, dee sech méi laang zitt. Et ass net méiglech, méi prezis ze chiffréieren, wat d'Moderniséierung – opgrond eeben och vun den technologeschen Entwécklungen, déi natierlech kommen – wäert kaschten. D'militäresch Technologie evolueiert konstant, dat ass och normal. Ech mengen, et gëtt och elo aus dem Krich geléiert. Dat heescht mir wäerten eis do un d'Ufuerderungen an d'Erausforderungen vun der Zukunft upasse mussen.

Déi éischt Gefierer sollen dann 2028 geliwwert ginn, wann Dir mat dësem Gesetzesprojet averstane sidd.

Ech wëll dem Rapporteur, deen dat alles am Detail och exemplaesch erkläert huet, e grouse Merci soen. Ech wëll och der Chamber e grouse Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

Ech mengen, hei kommen an deenen nächste Jore ganz grouss Defien op eis zou. Et wäerten och nei NATO-Targets op eis zoukommen – net nëmmen op eis, mee op sämtlech NATO-Staaten – an déi wäerte ganz seriö a ganz zolidd sinn, well d'Situatioun dat eeben erfuerdert. Ech mengen, mir hu schonn an der Chamberskommissioun och doriwwer geschwat. A soubal ech do Informatiounen hunn, déi ech mat Iech kann deelen, wäert ech dat natierlech maachen op eng ganz transparent Aart a Weis.

D'national Souveränitéit ass ugeschwat ginn. Mam Batailloun – an, ech mengen, dat ass och an der Chamber schonn e puermol diskutéiert ginn – bleift eis Souveränitéit erhalen. Mir hunn do en Opt-in respektiv en Opt-out, wa mir Material oder Leit net wëllen an enger Missioun asetzen. Eis ofkapselen an esou maachen, wéi wa mir eis aleng verdeedege kéinten an eisem klengen Eck hei an der Mëtt vun Europa, wéi wa soss näischt wär, dat ass éischstens net realistesch, mee dat wär wierklech eis Souveränitéit a Fro stellen.

Ech wëll och hei soen, dass ech als Mënsch, och als Mobilitéitsministesch, als Travaux-publics-Ministesch, och als MEGA-Ministesch, och géif soen: Déi Suen, déi mer hei mussen huelen, géif ech och léiwer gären anescht investéieren.

(Interruption)

Ech gleewen dat och. Mee dat entsprécht net der Realitéit, an där mir haut an an där och eis Kanner an der Zukunft wäerte liewen – leider!

Ech wëll och hei soen, dass mer fir de Batailloun natierlech – ech wëll dat och transparent soen – net hei mat deem heite Gesetzesprojet fäerdeg sinn. Ech mengen, et ass och mentionéiert ginn. Mir brauchen nach weider Investissementer. Mir brauchen Investissementer an eis Infrastrukturen – dat kënnt och Lëtzebuerg zegutt –, an d'Munitioun, an d'Simulatoren. Et ass mentionéiert gi vum Rapporteur. Soudass ech do wäert an d'Chamberskommissioun an an d'Chamber zrëckkommen, fir dass dat dote wierklech alles ganz grëndlech mat Iech diskutéiert gëtt an dass mer do weider kënne fir eis Sécherheet a fir eis kollektiv Defense schaffen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet loi 8389. Den Text steet am Document parlementaire 8389⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8389 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Nach e ganz klengen Effort, da si mer sou wäit. Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da schléissen ech de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: 52 Jo-Stëmme bei 7 Nee-Stëmmen. Domat ass dëse Projet de loi mat 52 Jo-Stëmme géint 7 Nee-Stëmme bei kenger Abstentioun uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Diane Adehm), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar (par Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson (par Mme Djuna Bernard) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzunge si fir den 19., 20. an 21. November virgesinn.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 18.32 heures.)